N°271
Entrée le 01.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 271 vun den honorabelen Deputéierte Mars di Bartolomeo an Dan Biancalana zum Sujet „Amendes pour l'utilisation du téléphone au volant“**

**Fro 1**

D'Police huet d'Kontrollen zënter der Aféierung vun de méi héije Strofen net intensivéiert.

**Fro 2**

Déi betreffend Infraktioune ginn an der Reegel am Kader vun de Patrullen oder de Verkéierskontrolle festgestallt. Zousätzlech féiert d'Police wärend dem Joer spezifesch Handy-Kontrollen duerch, bei deenen et en « élément constat » an en « élément verbalisant » gëtt, wéi dat och bei geleeëntleche Vitesse-Kontrollen oder Ceinture-Kontrollen zum Beispill de Fall ass.

Dat heescht, dass op enger Plaz 1 bis 2 Beamte stinn, déi eng Infraktioun konstatéieren an se iwwert Funk un eng zweet Equipe op enger aner Plaz weiderginn, wou de betreffende Chauffer ugehalen a verbaliséiert gëtt.

**Froen 3 a 4**

Mat der Publikatioun vum Gesetz vum 21. September 2023 am Mémorial A679 ass ënnert anerem d' ”*loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques”* (Code de la Route) modifizéiert ginn. Betreffend den “Handy” waren dat d'Artikelen 2bis (Punkteführerschäin) a 7 (contraventions graves). Déi respektiv Bestëmmunge sinn de 24. Oktober 2023 a Kraaft getrueden.

Déi Infraktioune sinn an der Tabell hei drënner ab Oktober getrennt opgefouert.

Déi betreffend Avertissements taxés stinn am “*règlement grand-ducal du 30 janvier 2024 modifiant 1° l'arrêté grand-ducal modifié du 23 novembre 1955 portant règlement de la circulation sur toutes les voies publiques ; 2°le règlement grand-ducal modifié du 26 août 1993 relatif aux avertissements taxés, aux consignations pour contrevenants non résidents ainsi qu'aux mesures d'exécution de la législation en matière de mise en fourrière des véhicules et en matière de permis à points ; 3°le règlement grand-ducal modifié du 2 octobre 2009 relatif aux matières enseignées dans le cadre de la qualification initiale et de la formation continue des conducteurs de certains véhicules routiers affectés aux transports de marchandises ou de voyageurs ainsi qu'aux critères d'agrément pour dispenser cet enseignement ; 4° le règlement grand-ducal du 22 juin 2016 fixant les conditions et le modèle du certificat médical pour l'obtention, la transcription ou le renouvellement du permis de conduire*”, deen de 6. Februar 2024 am Mémorial A45 publizéiert gouf a säit dem 10. Februar 2024 a Kraaft ass.

De Montant vum respektiven Avertissement taxé geet do vun 145 op 250 Euro erop.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

| Mois | Code infraction | tarif | points | Nombre AT | total |
|---|---|---|---|---|---|
| septembre | A 170bis 02<br>A 170bis 03<br>A 170bis 04<br>A 170bis 06 | 145 | 2 | 86<br>143<br>127<br>11 | 367 |
| octobre | A 170bis 02<br>A 170bis 02<br>A 170bis 03<br>A 170bis 03<br>A 170bis 04<br>A 170bis 04<br>A 170bis 06<br>A 170bis 06 | 145 | 2<br>4<br>2<br>4<br>2<br>4<br>2<br>4 | 70<br>50<br>107<br>35<br>60<br>23<br>3<br>2 | 350 |
| novembre | A 170bis 02<br>A 170bis 03<br>A 170bis 04<br>A 170bis 06 | 145 | 4 | 70<br>122<br>77<br>11 | 280 |
| décembre | A 170bis 02<br>A 170bis 03<br>A 170bis 04<br>A 170bis 06 | 145 | 4 | 31<br>194<br>49<br>05 | 279 |
| janvier | A 170bis 02<br>A 170bis 03<br>A 170bis 04<br>A 170bis 06 | 145 | 4 | 79<br>228<br>96<br>09 | 412 |
| février (09.02.2024) | A 170bis 02<br>A 170bis 03<br>A 170bis 04 | 145 | 4 | 18<br>50<br>27 | 95 |

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden